Léiwe Frënd vum Mierscher Folklor,

Wéi s du weess, war 2006 e grousst Joer fir eise Folklorgrupp. Mam Festival, dee mir hei zu Miersch organiséiert haten an der Rees a Polen, hate mir e volle Programm; wéi dëst och op eisem Internetsite www.folklore-mersch.lu ze gesinn ass. Dëse Programm huet hoffentlech esou munch schéin Erënnerungen u Festivalen, Optrëtter oder och flott Reese bei dir erwächt.

Nodeems mir 2007 méi lues ugoe gelooss hu, wëlle mir fir 2008 erëm voll ugräifen an de lëtzebuerger Folklor souwuel hei am Land wéi och am Ausland nees weisen a vertrieden.

Duerfir hu mir eis d'Fräiheet geholl dech, als Frënd vum Mierscher Folklor, unzeschreiwen.

Fir eis Projet'en esou gutt wéi méiglech duerchféieren ze kënnen, géinge mir gären op däin dänzerecht, musekalescht oder organisatorescht Talent zréckgräifen fir eis flott, jonk an dynamesch Equipe ze ënnerstëtzen.

Wann Dat dech nees géing interesséieren, a wann s du Loscht drun häss fir matzemaachen, da wiere mir ganz frou, dech ab dem 27. September, all Donneschdeg, an der Schoul Nic. Welter (dem ale Festsall hannert der Kierch) an eiser Prouf begréissen ze kënnen.

Fir weider Informatiounen zéck net fir bei eis nozefroen, entweder per E-mail vallee_des_sept_chateaux@culture.lu oder um Telefon 661 181176 (Sylvia Napoli).

Hoffentlech bis geschwënn

Groupe Folklorique



Vallée des Sept Châteaux

De Comité vu „Vallée des Sept Châteaux"

Musekstage

Fir d'3. Kéier schonn huet d'Mierscher Musek mat vill Succès e Musekstage fir seng jonk Musikanten am Alter tëschent 10 a 25 Joer organiséiert. Dëst Joer wore si vum 5.-9. September am Scoutschalet zu Kolmer-Bierg. Während deene puer ganz lëschtegen Deeg hunn si mam Sous-Chef vun der Musek, dem Guy KRAUS, an de Chargés de cours vun der Musek-coursen e ganze Concertsprogramm ageprouft. Nieft deem ville Musizéiren ass awer och vill gespillt a gegeckst ginn. Um gutt besichten Ofschlossconcert am Mierscher Kulturhaus hunn si och hir Atelieren presentéiert : ënnert der Direktioun vum Manu STOFFELS, hunn si nieft engem Canon och ee klassescht Wierk gesongen, an dat véierstëmmeg ! Ënnert der Leedung vum Luc NICKELS huet een si eng Melodie aus der Oper Carmen op Fläschen héire blosen. No 2 Zugaben ass du bei engem gesellege Patt nach bësse gepotert ginn a schonn um Musekstage vum nächste Joer geplangt ginn.